

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

„Schonn zanter Joren ass de Bau vun enger sougenannter Hängebréck iwwer de Stauséi an der Héicht vum Burfelt am Gespréich. Dës Bréck géif sécherlech dozou bäidroen fir d'Géigend ronderëm de Stau aus touristescher Siicht ze valoriséieren, well se ënner anerem erlabe géif, d'Spadséierweeër nei ze organiséieren. Donieft wier déi Bréck och u sech schonn eng weider Attraktioun fir d'Regioun.

Op kommunalem Niveau goufen dann och scho Pläng skizzéiert an een Argumentatiounsossier zesummegehallt. No mengen Informatiounen ass den Tourismusministère dësem Projet prinzipiell gutt gesénnt.

An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Ass den Ëmweltministère scho mat dësem méigleche Projet befaasst ginn? Wa jo, wéi bewäert de Ministère dëse Projet?*
- Huet den Här Minister d'Méiglechkeet fir dëse Projet, deen och ënner bestëmmte Bedéngungen an den Déngscht vun*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg


Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

der duusser Mobilitéit gestallt kéint ginn, ze subventionnéieren - och wann en net direkt un den nationale Vëlosréseau ugeschloss ka ginn?

- Gouf et do schon am Virfeld Kontakter mam Naturpark, de Gemengen an dem Tourismusministère? Wa jo, wat ass d'Resultat dovunner? “*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten